B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

1 2

# Léisungen

## Widderhuelung 1-2

# Léisungen Widderhuelung

## Lauschteren Säit 38+39

1 2

### 1. Lauschtert den Text a kräizt déi richteg Äntwert un. 52

1. Wéi huet d'Melanie sech gefillt, wéi de Victor ugeruff huet?
A. ☐ Hatt war nervös.
B. ☐ Hatt huet sech verléift.
C. ☒ Hatt war iwwerrascht.

2. Si hu sech schonn an der Primärschoul kenne geléiert.
A. ☐ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☒ Dat gëtt net gesot.

3. Si haten déi lescht 20 Joer
A. ☒ kee Kontakt mateneen.
B. ☐ net vill Kontakt mateneen.
C. ☐ vill Kontakt mateneen.

4. Si waren eng Koppel, wéi si jonk waren.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Dat gëtt net gesot.

5. De Victor ass direkt no der Léier
A. ☒ vill gereest.
B. ☐ an Italien ausgewandert.
C. ☐ zu Lëtzebuerg bliwwen.

6. D'Melanie huet ni am Ausland geschafft.
A. ☒ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☐ Dat gëtt net gesot.

7. De Victor ass gescheet.
A. ☐ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☒ Dat gëtt net gesot.

8. De Victor war frou, fir nees bei seng Eltere wunnen ze goen.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Dat gëtt net gesot.

9. Wéi de Victor e Rendez-vous proposéiert huet, huet d'Melanie
A. ☒ direkt zougesot.
B. ☐ nach laang iwwerluecht.
C. ☐ net geäntwert.

### 2. Lauschtert den Dialog tëschent dem Chloé an dem Nadia e puermol a completéiert den Text. 53

- Hey Chloé. Dat ass awer flott, dech hei ze begéinen. Ech wollt der d'lescht Woch schonn uruffen!
- *O, salut Nadia! Firwat wollts du mir dann uruffen?*
- Majo, mir hunn eis **scho laang net méi gesinn**. An ech hätt Loscht, emol erëm mat dir iessen ze goen.
- *Ma gär! A wéini?*
- Hues du **e Freideg schonn eppes vir**?
- *Nee, do hunn ech nach näischt um Programm. E Freideg also? **Soll ech dech siche kommen**?*
- Jo, an da fuere mer mat engem Auto. Dat ass méi praktesch.
- *Tipptopp, da sinn ech um siwe bei dir. **An op wat häss de da Loscht**?*
- Ma wann s de mech esou frees, ech hat u Chineesesch geduecht.
- *Hmm, **dat seet mer awer wierklech näischt**. Ech hunn déi chineesesch Kichen net gär.*
- Seriö? Dat wosst ech net! **A wéi wier et mat** Sushi?
- *Jo, Sushi iessen ech gär. So, wéi wier et dann, wa mer géingen op Rued goen? Do huet en neie Restaurant opgemaach.*
- Ech hunn nach näischt vun deem héieren, mee mir kënnen deen awer gär emol probéieren.
- ***Solle mer** d'Monique **froe fir matzegoen**?*
- Hatt schafft freides bis néng Auer, mee hatt kënnt awer vläicht gär no.
- *Mir kéinte jo nom Restaurant nach **e Patt huele goen**.*
- Gutt Iddi! **Ech soen him Bescheed**. Gi mer an de Café de la Gare?
- *Wann ech éierlech sinn, ginn ech do net esou gär hin. Ech gi léiwer an de Blues-Café. **Ass dat fir dech och o.k.**?*
- Jo natierlech. Do ass et och flott an et ass net esou haart. Gutt, **dann hale mer dat fest**! Bis e Freideg dann!
- *Jo, bis dann!*

*3. Lauschtert de Reportage iwwert de KimKevin de Dood. Iwwert wat fir Theeme schwätze si? Kräizt un.* **54**

- [ ] Autoen zu Singapur
- [x] Beruff
- [x] Sproochen
- [ ] Hobbyen
- [x] Iessen zu Singapur
- [ ] Familljeliewen zu Singapur
- [x] Lëtzebuerger zu Singapur
- [x] Wunnen
- [ ] Beschreiwung vun der Stad
- [x] Ausbildung
- [x] Kandheet

*4. Lauschtert de Reportage nach eng Kéier, Sequenz fir Sequenz. Äntwert op d'Froen.* **55-59**

1. Mat 13 Joer huet hie seng éischt Erfarungen an enger professioneller Kiche gemaach.
2. Hien huet an der Hotelschoul zu Dikrech eng Léier gemaach.

---

3. Hien huet a Frankräich, an Däitschland, an England an an der Belsch a Stärerestaurante geschafft.
4. Zu Singapur krut hie säin éischte Michelin-Stär.
5. Déi grouss kulinaresch a kulturell Diversitéit huet hien ugezunn.

---

6. Heiansdo muss de Kim 80 bis 90 Stonne pro Woch schaffen.
7. Nieft der Aarbecht an der Kiche muss hie sech och ëm d'Bestellungen an d'Paperasse këmmeren.
8. Seng Wunneng läit net wäit ewech vum Zentrum vu Singapur an engem Quartier mat ville Restauranten a Butteker.
9. Et gëtt eng Schwämm an e Fitnessstudio am Appartementshaus. Hie kann do Sport maachen.

---

10. Zu Singapur gëtt et véier offiziell Sproochen: Englesch, Malaysesch, Mandarin an Tamil.
11. Zu Singapur sëtzen d'Leit net esou laang beim Dësch wéi zu Lëtzebuerg. D'Liewen ass méi hektesch an d'Leit hunn net esou vill Zäit.

---

12. Hie vermësst seng Famill, seng Frënn, traditionell lëtzebuergesch Platen an d'Lëtzebuerger Wieder.

# *Liesen* Säit 40+41

*1. Liest den Chat a kräizt déi richteg Äntwert un.*

1. D'Hochzäit war e vollen Erfolleg.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Et steet net am Text.

2. D'Sophie war genéiert,
A. ☐ well de Monni ze vill gedronk huet.
B. ☒ well dem Monni seng Fra gejaut huet.
C. ☐ well hatt e Fleck um Rack hat.

3. De Fleck ass nees ganz erausgaangen.
A. ☐ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☒ Et steet net am Text.

4. Si hunn de Rank erëmfonnt.
A. ☒ Richteg
B. ☐ Falsch
C. ☐ Et steet net am Text.

5. Den DJ hat
A. ☐ déi falsch Auerzäit notéiert.
B. ☒ de Wee net fonnt.
C. ☐ d'Musek vergiess.

6. D'ganz Famill huet sech gutt ameséiert.
A. ☐ Richteg
B. ☒ Falsch
C. ☐ Et steet net am Text.

*2. Liest d'Textpartien aus **zwou** Liewensgeschichten. Fannt déi richteg Reiefolleg a schreift d'Zuelen 1-5 bei déi eng Geschicht an d'Buschtawen A-E bei déi aner. Liest duerno déi zwou Geschichte ganz.*

Soubal hatt zu Lëtzebuerg war, huet hatt sech an e Lëtzebuergeschcours ageschriwwen. Do huet hatt säi Mann kenne geléiert. Hie kënnt aus Dänemark a schafft als Designer an engem Architektebüro. D

Elo hu si schonn zwee Kanner a si hunn decidéiert, zu Lëtzebuerg ze bleiwen. Hatt huet seng Aarbecht an Italien opginn a sicht elo en neien Job hei. Mat senger Qualifikatioun dierft dat net schwéier sinn. Säi Mann an hatt wëlle Lëtzebuerger ginn; hie muss säin Test allerdéngs nach packen! 5

Hatt ass an Italie gebuer an och do opgewuess. Hatt war ëmmer eng brillant Schülerin an nom Lycée huet hatt Physik studéiert an esouguer en Doktorat gemaach. 1

Hatt ass op Lëtzebuerg geplënnert. Am Ufank war et net sou einfach, hatt huet seng Famill a seng Frënn vill vermësst. Mee hatt hat eng interessant Aarbecht an och vill Fräizäitbeschäftegungen. C

Op der Uni zu Mailand huet hatt säi Mann kenne geléiert. Si hunn eng Zäit laang zu Mailand gelieft, sinn awer duerno op Roum geplënnert. Si hunn allen zwee als Ingenieuren an engem grousse italieenesche Betrib geschafft. 2

Dat war viru sechs Joer. Si hunn decidéiert, zu Lëtzebuerg wunnen ze bleiwen. Et gefält hinne gutt hei a si hunn allen zwee eng flott Aarbecht. D'lescht Joer hu si sech bestuet an am Hierscht kréie si hiert éischt Kand. Wat dat Kand hei vill Sproochen léiere wäert! E

Wéi Ungarn Member vun der EU ginn ass, hu si zu Lëtzebuerg eng ganz Partie Iwwersetzer gebraucht. Hatt huet e Concours gemaach an eng Plaz zu Lëtzebuerg kritt. B

Wéi si hiert éischt Kand kruten, huet hatt decidéiert, eng Zäit doheem ze bleiwen. An där Zäit krut säi Mann eng Offer, fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen. 3

Hatt ass an Ungarn gebuer an och do opgewuess. Nom Lycée huet hatt Sprooche studéiert an ass Iwwersetzerin ginn. A

Dat war fir si eng flott Geleeënheet, fir eppes Neies ze erliewen. Si sinn also mat hirem Puppelchen op Lëtzebuerg geplënnert. Dat war viru sechs Joer. Hatt huet an der Têschenzäit gutt Lëtzebuergesch geléiert an esouguer schonn de Sproochentest gepackt. 4

*3. Wat hunn déi zwou Persoune gemeinsam respektiv wat hu si allen zwee erlieft? Schreift dräi Sätz.*

1. Si si wéinst der Aarbecht op Lëtzebuerg komm.
2. Si sinn zënter sechs Joer zu Lëtzebuerg.
3. Si hu Lëtzebuergesch geléiert.

*4. Notéiert zwou Saachen, déi verschidde waren.*

1. Déi eng Fra ass eleng op Lëtzebuerg komm; déi aner mat hirem Partner.
2. Déi eng Fra huet eng Aarbecht; déi aner Fra sicht am Moment eng Aarbecht.

*3. Liest den Zeitungsartikel. Completéiert d'Sätz.*

*Zum Beispill:*

Gëschter hat de „Kinotopia" op eng extra Seance invitéiert, fir dem Thierry Schneider **säin neie Kannerfilm** „De Max ass fort" virzestellen. D'Begeeschterung beim jonke Public war grouss. Mir hunn e puer Kanner, mee och e puer Mamme gefrot, wéi hinnen de Film **gefall huet**.

De Finn, zwielef Joer al, huet fonnt, datt de Film ganz **flott war**.

Hien huet fonnt, datt de Max wierklech **witzeg Saachen erlieft huet**.

Och d'Lisa, eelef Joer al, war ganz begeeschtert. Mee hatt huet net verstanen, firwat de Max **fortgelaf ass**. Hatt huet et och e bëssen traureg fonnt, datt dem Max seng Elteren **sech wëllen trennen**.

D'Jil, och eelef Joer al, huet sech awer gutt ameséiert. Och wann de Film dacks seriö war, huet hatt awer vill gelaacht, well vill komesch Saache **geschitt sinn**.

D'Marisa, dem Chloé seng Mamm, huet fonnt, datt hiert Meedche vu sechs Joer nach ze **kleng war**. Si huet gemengt, datt hatt vläicht net alles **verstanen huet**.

Och dem Gina (siwe Joer al) seng Mamm huet gesot, datt hiert Meedchen e bësse **gefaart huet**.

Mee alles an allem war d'Reaktioun vum jonke Publikum ganz positiv an et kann ee soen, datt si e flotten Nomëtteg bei engem spannende Film **verbruecht hunn**.